N°1578
Entrée le 20.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 1578 vum 25. November 2024 vum Här Deputéierte Sven Clement.**

Den honorabele Deputéierten stellt Froen iwwert den Projet vun der Ëmgestaltung vum Kräizungsberäich tëscht dem CR338 an dem CR335 op der Héicht vun der Rossmillen.

D'Resultater vun der Sécherheetsetüd goufen net direkt un déi betraffe Gemeng weidergeleet, well d'Strooss Deel vum Staatsreseau ass an dofir vun der Stroossebauverwaltung geréiert gëtt. Déi betraffe Kräizung fält deemno ënnert de Kompetenzberäich vum Staat, wat d'Koordinatioun a Planung ugeet.

Ausserdeem läit déi Kräizung ausseruerts, esou dat och d'Reglementéierung vum Verkéier an de Zoustännegkeetsberäich vum Staat fält.

D'RAL, oder Richtlinien für die Anlage von Landstraßen, speziell den Deel RAL-K (Knotenpunkte), sinn eng wichteg Basis fir d'Plangen an den Ausbau vu Kräizungen op Landstroossen. Dës Richtlinne gi benotzt fir d'Gestaltung vu Kräizungen ze standardiséieren, sou dass de Verkéier méi sécher an effizient duerch dës Beräicher geleet ka ginn.

Wat déi verschidden Léisungsusätz ubelaangt, esou huet um Ufank vum Projet d'Stroossebauverwaltung och d'Méiglechkeet vun engem Kreesverkéier a Betruecht gezunn. Allerdéngs mécht d'topografesch Situatioun d'Realiséierung vun engem Rond-point schwiereg. Op der Säit vum CR338 a Richtung Hengescht erschwéiert d'Neigung vun der Achs, kombinéiert mat de bestoenden Haiser an de Weieren, eng adequat Adaptatioun. Op der Säit no Bënzelt klëmmt den Terrain direkt un, wat bedeitend Agrëffer an d'Natur néideg géif maachen an eng grouss Zuel un Upassunge verlaangt.

Aus dëse Grënn, an am Sënn vum Schutz vun der Natur an der Vermeidung vun iwwerméissege baulechen Adaptatiounen, schléit d'Stroossebauverwaltung vir, eng Léisung mat enger Ännerung vun der Virfaart ze favoriséieren.

Och d'Installatioun vu roude Luuchten op dëser Plaz gëtt net als eng effikass Léisung ugesinn.

Wéinst dem niddrege Verkéiersopkommes op dësem Punkt wier de Risiko héich, dass d'Automobilisten*innen d'Luuchten ignoréieren, well se dës eventuell als iwwerflësseg empfannen. Dës Léisung riskéiert dofir méi Geforen ervirzeruffen, wéi se tatsächlech zur Sécherheet bäidroe géif.

Dann ass et och esou, dass d'Ännerung vun der Virfaart, de Problem vun der limitéierter Siichtwäit fir de Verkéier um CR338, dee sech mam CR335 kräizt, cibléiert. Dës nei Situatioun stellt deemno eng wesentlech Verbesserung vun der Sécherheet am Verglach zur viregter Situatioun duer. Zousätzlech ass am Projet och eng Reduktioun vun der maximal erlaabter Geschwindegkeet op 70 Kilometer an der Stonn virgesinn.

Déi genannte Sécherheetsetüd huet zënter 2013 insgesamt 6 Accidenter feststelle kënnen, dovunner 4 mat Liicht- an 2 mat Schwéierverletzten (bei 3 Accidenter ware Motorrieder betraff). Dës Zuele baséieren op den Opzeechnunge vun der grousherzoglecher Police.

Et ass dobäi ze bemierken dass Accidenter, an deenen et glécklecherweis nëmmen zu Materialschued komm ass, net integral statistesch erfaasst kënne ginn. Dat aus dem ganz einfache Grond, dass an esou Fäll net ëmmer d'Police op d'Plaz geruff gëtt, an d'Automobilist*innen dëst ënnert sech klären.

Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes